1-2020-O-J-6358-01 (n° 3464)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn zu der Organisatioun vun der Sécherheet am ëffentleche Raum

Lëtzebuerg, den 11/03/2021

2

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- Dass 2020, 18,3% vun der Bevëlkerung engem Aarmutsrisiko ausgesat waren, ee Prozentsaz dee säit 2011 an d'Luucht gaangen ass ;
- D'Regierung 2013 eng Strategie géint Obdachlosegkeet virgestallt huet. Zu dëser huet och d'Abannung vu Streetworker vun der Asbl Inter-actions an d'Para-Chute Projeten zu Esch an Ettelbréck gehéiert ;
- Dass et nach ëmmer vill Gemenge ginn, déi nach net iwwert Jugendhaiser verfügen an dës net onbedéngt gläichméisseg am Land verdeelt sinn ;
- Dass et och scho Projete gëtt, déi gutt mat den Jugendhaiser funktionéieren, wéi zum Beispill de Projet "Outreach Youth Work", wou aktiv de Kontakt mat Jugendleche gesicht gëtt, déi sech net an anere Betreiungsstrukture mellen ;
- Esou Projete méi finanziell Ënnerstëtzung brauchen ;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. De Gemenge méi finanziell Mëttel zur Verfügung ze stellen, fir Street Worker ze beschäftegen an an Zesummenaarbecht mat dësen, sozial Projeten opzebauen.

Marc Goergen